



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 2 avril 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le:

02 AVR. 2019

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
43, bld Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°429 de l'honorable Député Marc Goergen concernant les bénévoles des pompiers**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina BOFFERDING

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING op d'parlamentaresch Fro n° 429  
vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro Präzisiounen iwwer d'Indemnitéite fir fräiwëlleg Membere vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Fir op déi éischt Fro kënnen am Detail ze äntwerten, ass et wichteg, op déi verschidden Indemnitéiten anzegoen, déi un déi Fräiwëlleg vum CGDIS ausbezuelet ginn:

1. **Pauschal Indemnitéit:** Ronn 270 fräiwëlleg Zenter- a Gruppecheffen, sou wéi hir Adjointen, kréien am Kader vun hirer Missioun eng monatlech Indemnitéit. Enn Februar huet de CGDIS 300.000 EUR un dës Leit iwwerwisen.
2. **Indemnitéit fir Formatioun:** Déi fräiwëlleg Instrukteren a Pompjeeën, déi un enger Formatioun vum Institut national de formation des secours (INFS) deelhuele, ginn dofir indemniséiert. Bis haut si net manner ewéi 1.000 Iwwerweisungen un déi betrafte Leit duerchgefouert ginn.
3. **Indemnitéit fir Permanencen:** E fräiwëllege Pompjee, dee vun doheem oder am Kader vun enger Garde casernée um Bereetschaftsdéngscht deelhält, krit dofir eng Indemnitéit vun 1 Euro, respektiv 10 Euro pro Stonn. De CGDIS wäert dës Iwwerweisungen am Laf vum Mount Abrëll kënnen duerchféieren a respektéiert domat déi nämlecht Delaien, wéi an de vergaangene Joren.
4. **Indemnitéit fir en Asaz:** De Verwaltungsrot vum CGDIS huet entscheet, dass d'Indemniséierung vun Asaz am Laf vum Joër 2019 ulafe soll, a réckwierkend op den 1. Juli 2018 ausbezuelet soll ginn.
5. **Zousätzlech Kranken- oder Pensiounsversécherung:** All Fräiwëllege huet seng Demande fir de Remboursement vu 50% vun de Käschte vun enger Zousatzversécherung bis den 31. Mäerz 2019 beim CGDIS missen areeche. Esou wäert de CGDIS déi néideg Payementer duerchféieren.

Am Résumé: zum heitegen Zäitpunkt sinn e groussen Deel vun den Indemnitéiten un déi Fräiwëlleg ausbezuelet ginn, déi rechtlech Payementer wäerten zäitno getätegt ginn.

Zu de Grënn kann ee Folgendes soen:

- Den 1. Juli 2018, dem Dag vum Akraafttriede vum Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwer d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet, si 4.000 Volontären aus verschiddenen Entitéiten an dem CGDIS integréiert ginn. Dës Integratioun huet immens vill Zäit an Usproch geholl;
- Firum 1. Juli 2018 hat all Entitéit säin eegenen Indemnitéitssystem, mat ënnerschiddlechen Tariffer an ënnerschiddleche Modalitéiten. De CGDIS huet dës Systemer analyséiert an harmoniséiert, fir ze garantéieren, dass an Zukunft all fräiwëllege Member am Land an de Genoss vun de nämlechten Indemnitéite kënn.
- De CGDIS huet seng informatesch Programmer fir d'Erfaasse vu Stonnen, sou wéi fir d'Bezuele vun de geleeschte Stonnen moderniséiert an optimiséiert. Dese Prozess huet elo e bëssen gedauert, mä et sief drun erënnert datt dës de Fräiwëllegen awer an Zukunft nëmme kann zegutt kommen. Duerch déi nei informatesch Systemer wäert sech d'Beaarbechtungszeit vun den Indemnitéiten an Zukunft enorm reduzéieren!

Et ass richteg, dass d'Bénévolat ee vun de wichtigste Pilier am Rettungsdéngscht ass, wät d'Regierung jo och explizit am Koalitiounsaccord ennersträicht. Ouni déi sëllege fräiwëlleg Fraen a Männer kann de lëtzebuerger Rettungsdéngscht nët funktionéieren. Dofir ass et fir d'Regierung evident déi geleeschten Aarbecht och an Zukunft beschtméiglechst ze promovéieren an ze honoréiere wäert. De bestehende System wäert permanent analyséiert an perfektionéiert ginn.